Schlussendlech gëtt sech géint den Tracé op Reisduerf entschloss, well d’Fiels (a hir Industrien) méi Verbindungen no Lëtzeburg, Lothringen an d’Belge hu wei zur Sauer hin an de Mierscher Projet gëtt fale gelooss well hie méi Héichtemeter ze iwverwannen huet, mat méi Kéieren an et bräicht een am Biergop fir op Schous zousätzlech Waasser a Kuelelaager.

An den Debatte vum 22.09.1880 steet och nach folgend Remark (Säit 35 aus dem Evy Friedrich sengem Buch)


“Staatsminister de Blochausen berichtet dann unter allgemeiner Heiterkeit des Hause, bei der Regierung sei eine Deputation erschienen, die die Strecke über Heffingen-Fischbach-Schoos empfohlen habe, weil die Bewohner dieser Ortschaften intelligenter seien als die von Cruchten und Medernach. Dieses Argument habe die Regierung nicht berührt ...”

Anscheinend huet dann och den Deputéierte Salenty an den Debatte behaupt :

”er hege grossen Zweifel an der Zukunft einer Bahn Fels-Cruchten, die zum grossen Teil durch eine Wüste führe, ohne den geringsten Verkehr und ohne Industriezentrum”

A gebaut gouf se dunn trotzdem ! Fir ronn 1 Millioun Frang an 12,1 Kilometer laang. Enner anerem duerch den Asaz vum Fielser Députéierten a Biergermeeschter Jean Knaff¹, deens ech ëmmer fir eng Eisebunn fir d’Feils agesat hat, an dann och als Pätter fir hiren Numm steet.

Tescht 1882 an 1948 huet de Fielser Jhangeli dozou beigedro, dass Kruuchten nach mei en Eisebunner-Duerf gouf, huet ville Leit eng Arbecht gin, wéi z.b. d’Arbechter op deser **Foto** aus dem Josy Thill sengem Archiv (ennen lenks as den Jean-Pierre Thill vu Schrondweiler)




¹laut dem Evy Friedrich as et Jean Knaff, laut dem Buch “Eist Kruuchten” den Jean Knepper



De Feelser Jhangeli ass dunn Mëttwochs, de 15. Februar 1882 fir d'éischt em 13h00 offiziell an d'Fiels gefuer, nodeems och scho virdu Prouf-Faarte waren. No engem Stopp zu Miedernach em 14h00 ass en an der Fiels op der Gare op der "Bleech" ukomm wou d'Lok an d'Ween dann och geseent goufen. Ab dem 20 Februar sinn dann déi éischt reegelméisseg Faarte gewiescht, an zwar laut engem Faarplang mat Depart zu Kruuchten em 7h50 em 12h30 an am 17h30.

Laanscht d'Streck hate missten e puer Bauwierker gebaut ginn, notamment eng grouss Bréck iwwert d'Uelzecht zu Kruuchten vun 29,7 Meter an 2 Brécken iwwert d'Schrodweilerbaach. Op der **Postkaart vun 1902** hei driwwer gesäit een dat schéint Bauwierk iwwert d'Uelzecht.



D'**Skizze** hei weist eis, wéi et ongeféier em d'Joerhonnertwenn ausgesinn op der Gare zu Kruuchten, mat deem Gebai, wat och op der Postkaart ze gesin as.



1911 gouf dat éischt Gebai ofgerappt fir Plaz ze maache fir dat zweet Gleis vun der Nordstreck an eng nei Gare gebaut. 1913 gouf en zweete Lokomotiv-Schapp an den Hotel vun der Famill Weber a Betrib geholl. Aus der Zeit duerno staamt dann och des **Postkaart** "Cruchten - Quartier de la Gare".

D'Gleiser vum Jhangeli lafen tëscht dem Haaptgebai an dem Hotel fir duerno an enger geschwongener Linn iwwert d'Uelzecht-Bréck an duerch d'Wisen ze féieren, parallel zur Strooss, fir da ronn 700 Meter d'Strooss ze quere bei der Halt "Kruchten - Duerf" (**Postkaart 1916**)





En klengen historesche Verglach zu Kruuchten, uewen eng Postkaart, oofgestempelt den 16.08.1906, ënnen eng aktuell Foto vun 2021





Ab Kruuchten huet de Jhangeli dunn missten déi 112 Meter Denivelé an Ugrëff huele fir bis op d'Waaserscheed an der Seitert ze kommen. Feinst der konsequenter Steigung ass et nawell oft zu Accidenter komm, déi awer praktesch all gutt ausgaange sinn. Souguer d'Amerikaner hunn sech am éischte Weltkrich anscheinend sech mat deem "léiwen" Jhangeli "amuséiert", an hunn d'Schinne mat schwaarz Seef ageriwwen.

Am Juni 1920 hätt et kéinte méi schlëmm ausgoen, wei een Zuch, schwéier beluede mat Steng, tëscht Schrondweiler a Miedernach ënnerwee war, an d'Lokomotive d'Steigung net gepackt huet. Den Zuch ass reckwärts zeréck op Schrondweiler gerullt an ass duerch d'Gare gerast, wou zum Gléck keen op de Schinne war. A Richtung Kruuchten ass den Zuch dunn an enger méi schaarfer Kéier entgleist. Op der **Foto** hei uewen ass den zukünftege Gemengesekretär Charel Reuter als kleng Bouf lenks am Bild ze gesinn.

Entgleisung a Bëschbränn sinn heefeg virkomm op der Streck, schonn 1883 hunn d'Zeitunge bericht vun engem Bëschbrand op engem Hektar am Gemengebësch, der Seitert. Den Tracé selwer duerch de Gemengebësch ass ronn 2 Kilometer an et koum nawell oft zu esou Tëschefäll.

De Jhangeli huet et oft an d'Zeitunge bruecht : am Februar 1889 ass den Zuch souguer am Schnéi stieche bliwwen an de 17 Juli 1889 ass de Jhangeli nëmme 5 mol entgleist tëscht Kruuchten a Schrondweiler (!!)

Déi vill Mëssgeschécker hunn dann och dozou gefouert, dass de Jhangeli an engem Lidd geéiert gouf : D'Feelser Eisebunn, Text a Melodie vum Veianer Musikant Martin Holweck (1842-1906)

Déi Feelser Eisebunn

Déi Feelser hun eng Eisebunn kritt,
Schnell wéi de Schleek, juchhee.
Déi koum all Dag e puer Stonnen zu spéit,
Schnell wéi de Schleek juchhee.

Si hiewen, dréckn, 't, geet nët un,
Schnell wéi de Schleek juchheirassa.
Du gi si jo mat Klépplen hannen drun,
Schnell wéi de Schleek juchhee!

Dat raut se sou, dat raut se sou,
Si gi säi Liewen nët méi frou.
Dat raut se sou, dat raut se sou,
Si gi och nët méi frou.

Hir kuelen hu se an enger Tubbaksblos;
Si denke: mir hun eis éierlech Mooss!
D'Waasser hu s'an enger Kaffistas;
Si denke: Mir hun nach Damp a Mass.

Et gëtt een hin an hir geschmass,
D'lescht hat bal ee séch d'Zong ofgebass;
Et gëtt een hin an hir gerëselt.
Et sëtzt ee besser op enger Kou déi bëselt.

An hu se en Décken jop enger Säit,
Da fueren si och guer nët weit.
Da fänkt de Waggo u séch ze hiewen:
Ma setzt Iech eriwwer, soss geet et fir d'Liewen!

Déi Päif vum Zuch, déi as schons häss
Vun elauter Jeitzen, datt se bléiwen am Gläss.
Fir séier ze fuere si se nët gewass,
Si haten e puermol schons ëmgeschmass.

Zu Medernach op der grousser Gar
Do waarden d'Leit ënnert engem Birebam;
De Chef, dee klëmmt wuel uewendrop
A geheit hinnen d'Biljeën op d'Kopp.


Zu Cruchten as emol eng schéi geschitt.
Do hat jo e Mann den Zuch verspitt.
„Gitt mer eng Kaart, ech lafen him no!“
An hie wor zwou Stonne virum Zuch do!

Si sollte jo emol e Kand iwwerrennen,
An duerfir hätte se an der Hell misst brennen.
De Schaffner leeft, hëlt d'Kand aus der Bunn,
An d'Mamm vum Kand, déi schenkt him en Hunn.

Et as nach een, deen ech nët nennen dueref,
Deen hat gehollef streiche, ma nët an e Kueref.
Deen hëlleft iwwerhaupt all krank Saache maachen,
Fir datt d'Leit herno séch kromp musse laachen.

Text und Musik: Martin Holweck!


D'Lokomotiv Nummer 12 "Cruchten" war ouni Paus am Asaz vun 1882 bis 1930. op der Foto as lenks den Jean-Pierre Thill aus Schrondweiler ze gesin.





Déi Schronweiler Gare war ronn 500 Meter vum Duerf ewech a laang Zäit war de Café uewe lenks am Bild dat eenzegt anert Gebai op dëser Plaz. No an no huet sech hei en neien Deel vum Duerf gebilt. Ennen am Bild ass d’Kantonaltagung vun de Pompjee vum Kanton Miersch 1921, an uewe op der Postkaart gesäit een d’Gare Ausweichgleis.






D'100 Joër vum Jhangeli
goufen 1982 gefeiert, mat
engem groussen Emzuch.



Fels um 1900 mit der alten Güterhalle, den Ausladgleisen und dem Bahnhof



Fels nach 1940 mit neuer Streckenführung

Zu Gudder Lescht nach en spannenden Zeitvergläich aus der Fiels, wou de Jhangeli ukoum:

Uewe lenks eng Vue vum Gibraltar-Aussichtspunkt em 1900, mat der éischer Gare an de Gleiser a Richtung Bleech, Eng zweet Vue em 1940 mat der neier Gleisféierung iwvert de Chemin J-A Zinnen, an eng Vue vun 2020 vun demselwechten Aussichtspunkt.


An der Fiels war awer net ëmmer Endstatioun : Wei 1904 d'Vizinal-bunn lechternach-Lëtzebuerg fäerdeg gouf, koum d'Iddi op fir de Feelser Jhangeli mat Jonglënster ze verbannen. No verschiddene Projet'en gouf effektiv 1915 ugefaangen un dëser Streck ze bauen. 1918 war de ganze Bunn-Damm mat Remblais/Déblais a Brécke fäerdeg gestallt.

Den Deel vun der Fiels iwvert d'Hiefenecher Halt an der Supp a Richtung Steebréch vun Ierzen war 1929 schonn sou weit fäerdeg gestallt, dass de Jhangeli Persounen op d'Halt Hiefenech gefouert huet. D'Verbinding op Jonglënster gouf ni fäerdeggestallt.




Waat as mat den Infrastrukturen vum Jhangeli geschidd?

Matzen am Bësch an der Seitert war en **Ladequai** vun der Gemeng Noumer. Dëse Ladequai gouf 2019 am Kader vum INTERREG Projet zur Restauratioun vun den Drechemauren mam Naturpark Mëllerdall rëm hiergestallt.



Déi gross Bréck iwwert d'Uelzecht gouf am 2ten Weltkrich bombardéiert an duerno rëm fir relativ vill Geld opgebaut een Joër virum Schluss vun der Linn. Déi aal Bréck gouf méi spéit duerch eng nei Stroossebréck ersat.





- Den Damm kuerz no der Waasserscheed am Seitert as gudd erhalen an kann um Auto-pédestre 2 vun Noumer erkundet gin (Photo 1).
- Den Damm kuerz virun der Bréck iwwert den Schrondweilerbaach zu Schrondweiler ass zougewues mat Robinien, déi lues a lues an de Koup falen (Photo 2).
- D'Bréck iwwert den Schrondweilerbaach bei Cruchten (Photo 3).
- D'Bréck iwwert den Schrondweilerbaach zu Schrondweiler (Photo 4).
- Den Damm aval vum Schrondweiler Kierfecht (Photo 5).



Den Numm Jhangeli leet de Professor Robert Bruch éischer vum ale lëtzebuergesche Wuert **“jhengelen”**oof, d.h. sech am Schleekentempo fortbeweegen. Dat géing un sech dem Tracé vun der Bunn gerecht gi, n esou wéi si och am am Buch vun 1982 beschriwwen gëtt:

“Zu den Fenstern herein schauen die Dörfer, halb ins Grün hineingeduckelt, halb in der Ferne verloren schaut die neue Schrondweiler Kirche, die so prächtig in die Landschaft hineinwächst, schaut der Schrondweiler Wald mit den dunklen Rätselfäulgen, neckt dich Miedernach sechs-, siebenmal, kommt und verschwindet, grüsst das enge Ernztal mit den hohen bewaldeten Gipfeln und seiner Königskrone : der Felsler Burg” (Arthur Hary 1921)

Op der Kaart op der Säit niewendrun gesäit ee wei de genauen Tracé vum Jhangeli war:

1. vu Kruuchten op Schrondweiler (roude) : hei verleeft den Tracé hautdesdaags bal nëmmen op privatem Grondstéck, mat Ausnam vum Ufank zu Kruuchten, wou lo (endlech) deen éischen Deel vun enger Vëlospist entstoe wäert.



2. vu Schrondweiler op Miedernach (orange) : hei verleeft den Tracé praktesch ganz op öffentlechem Terrain, an eng Vëlospist op deem bestehenden Tracé wier relativ einfach ze realiséieren





3. vu Miedernach an d'Fiels (roude) : do besteet eng Vëlospist parallel am Dall
4. ES : Aus der Fiels bis an d'Supp hellt déi bestehend Vëlospist genee den Tracé vun der aler Eisebunn (guel), den Fielser Wanderwee L3 geet vun der Supp bis erop op lernzen iwwert dei al Steebroch-Eisebunn (blo), vun der Supp aus a Richtung Kéideng leeft d'Vëlospist bal genau um Damm vun dem Jonglenster Projet, an soll op déi eng oder aner Manéier bis op Jonglenster kompléiert gin. (guel)
5. Déi 2 historesch Projeten a Richtung Reisduerf a Miersch (rosa).

De Feelser Jhangeli

Déi Verschidden Linen

- DFJ : Kruuchten - Schrondweiler
- DFJ : Schrondweiler - Miedernach
- DFJ : Miedernach - Fiels
- ES : Fiels - Hiefenech
- ES : Hiefenech - Steebrech
- - - Hiefenech - Kéideng (projet)
- - - Kéideng - Junglenster (projet)
- - - Fiels - Reisduerf (projet)
- - - Fiels - Miersch (projet)





Déi leschte Fahrt den 5 Mai 1948

Auteur : Claude Schiltz (vir d' Kulturkommissioun)

Quellen :

- Etudes sur le Chemin de fer de l'Ernz, Partie de Cruchten à Larochette, Tschiderer Vitalis, Luxembourg, 1869, 8p.
- Schrondweiler, Friedrich Evy, in Revue, Luxembourg, num. 26, 1971, Luxembourg, pp 36-39
- De Feelser Jhangeli, Friedrich Evy, Dahlem Jean, Les Amis du vieux Larochette, 1982, 121p.
- Sapeurs Pompiers Cruchten, 90ème anniversaire du corps des Sapeurs-Pompiers, 1987, 120 p. Cruchten, 207p
- Schmalspurbahnen in Luxemburg Band 2, Federmeyer Ed, Groupement des Amis du rail, Luxembourg, 1994, 498p.
- Eist Kruuchten, 100ème anniversaire du corps des Sapeurs-Pompiers, 1996, Cruchten, 207p
- De Kanton Miersch, Mersch, 1998, 228p
- Photoen vum Christian Büchler senger Sammlung, notamment och Photoen vum Tom Souvigné
- rail.lu & industrie.lu
- Photoen aus dem Josy Thill senger Privat-Sammlung. Merci un dech, mir vergiessen dech net.

Natur- & Geopark Mëllerdall

Mount vum Bongert (Monat der Streuobstwiese)



Saftige Vielfalt im Natur- & Geopark Mëllerdall

Charakteristische Bestandteile der Region des Natur- & Geopark Mëllerdall sind die Streuobstwiesen (lux. „Bongerten“). Diese gehören zum kulturellen und natürlichen Erbe und prägen die Region auf vielfältige Weise. Seit jeher wird das hochwertige Obst der „Bongerten“ für die unterschiedlichsten Zwecke genutzt. Auch heute noch veredeln lokale Produzenten das Obst der „Bongerten“ zu leckeren und regionaltypischen Produkten (Apfelsaft, Edelbrände, Apfelwein u.v.m.).

Aus diesen Gründen hat sich der Natur- & Geopark Mëllerdall dazu entschlossen, seit 2020 den „Mount vum Bongert“ zusammen mit den Partnern Office Régional du Tourisme - Région Mollerthal - Petite Suisse Luxembourgeoise (ORT-MPSL), LEADER Region Mëllerdall, Administration de la nature et des forêts (ANF) und Mëllerdaller Produzenten a.s.b.l. zu organisieren. In diesem Jahr fand der „Mount vum Bongert“ vom 1. bis zum 31. Oktober statt und lud dazu ein, die Streuobstwiesen der Region aus den verschiedensten Perspektiven zu entdecken.

Kulinarische Highlights

In der Region haben verschiedene Restaurants „Bongerten“-Menüs angeboten, in denen sowohl veredelte Streuobstwiesenprodukte als auch frisches Obst aus den „Bongerten“ des Natur- & Geopark Mëllerdall verarbeitet wurden. Der Erfolg der „Bongerten“-Menüs des Vorjahres, zeigte sich auch in der diesjährigen regen Teilnahme von insgesamt 9 lokalen Restaurants.

Anfang Oktober fand ein besonderes kulinarisches Ereignis statt, das „Dinner in the Dark“. Hierbei wurde ein „Bongerten“-Menü in völliger Dunkelheit verkostet.

Maschinenvorführung

Das Pflücken und Aufsammeln von Obst und Nüssen in den Streuobstwiesen ist anstrengend und arbeitsintensiv. Deswegen kommt es heutzutage öfter vor, dass die Früchte in den Streuobstwiesen verbleiben und nicht genutzt werden.

Um dieser negativen Entwicklung entgegenzuwirken, fand zum Auftakt eine Vorführung von Erntemaschinen in Boursdorf statt. Dort wurden verschiedene Systeme präsentiert, die die Arbeit in den Streuobstwiesen erleichtern.



Sorten Drive-In

Wer das Glück hat selbst zu Hause einen Bongert oder Obstbäume zu besitzen, konnte bei den beiden Sorten Drive-Ins, in Born (02.10) und in Schrondweiler (16.10), seine Apfel- und Birnensorten vom Pomologen, Herrn Richard Dahlem, bestimmen lassen.

In diesem Jahr wurde neben gängigen alten Apfelsorten auch die Gelbe Schafsnase, eine seltene Sorte, gefunden. Seltene Sorten werden nach Absprache mit den Besitzern genutzt, um diese Bäume zu vermehren und die Sorten langfristig zu erhalten.



Für die ganze Familie

Auch in diesem Jahr wurden verschiedene Aktivitäten für Familien angeboten.

Einen regen Zuspruch fand die Aktivität im Gemeinschaftsgarten Luusshaff in Schrondweiler, wo Apfelsaft und Bratäpfel zubereitet wurden. Weiter ging es dann am 23. Oktober in einem Bongert in Bech, wo Äpfel gepflückt und eingesammelt wurden. Wie man Äpfel zu Saft pressen kann, wurde im Generationsgarten in Beaufort gezeigt.



Bei einer gemeinsamen mehrtägigen Veranstaltung der Naturparkschoul und der Ecole du Goût in Zusammenarbeit mit der ANF wurden verschiedene Aktivitäten für Kinder in Heffingen angeboten. Am 28. und 29. Oktober haben Schulklassen mit der ANF zusammen Äpfel zu Saft gepresst und diesen anschließend mit nach Hause genommen.

Am 30. Oktober konnten sowohl Schulklassen als auch Familien bei einem der „Schmaachateliers“ (Geschmackswshops) der Naturparkschoul und der Ecole du Goût teilnehmen. Hierbei wurde u.a. der Geschmack von verschiedenen Apfelsorten, in Form von Apfelstücken und in Form von Saft, mit Hilfe der 5 Sinne miteinander verglichen.



Wie man Äpfel noch zu anderen schmackhaften Produkten weiterverarbeiten kann, wurde im Fermentationskurs in Beaufort erklärt. Hier wurden Äpfel und Kräuter genutzt, um Essig herzustellen.

Traditionsfeste

Neben den Aktivitäten vom Natur- & Geopark Möllerdall fanden in der Region die traditionellen Zwetschgen- und Viz-Feste statt wie z.B. in Echternach am 9. und 10. Oktober, bei denen die Wichtigkeit der „Bongerten“ jährlich gefeiert werden. Des Weiteren fand Anfang Oktober der jährliche Harvest Day der Firma Ramborn statt, wo u.a. eine themenspezifische Wanderung durch die Streuobstwiesen vom Natur- & Geopark Möllerdall angeboten wurde.


Wegen des Erfolgs und dem großen Interesse an den verschiedenen Aktivitäten findet der „Mount vum Bongert“ jährlich im Natur- & Geopark Möllerdall statt. So können die für uns so wichtigen Streuobstwiesen gebührend gefeiert werden.

Das gesamte Team des Natur- & Geopark Möllerdall möchte sich hiermit noch einmal recht herzlich bei allen bedanken, die beim diesjährigen „Mount vum Bongert“ mitgewirkt haben. Wir freuen uns bereits jetzt auf die nächste „Bongerten“-Saison.



Kartoffelrolle mit Champignons

Photo: Anne Lommel Photography

 Für 5 Portionen

 2 Stunden

- 1 kg mehlig/festkochende Kartoffeln
- 2 TL Meersalz
- 100 g Hartweizengrieß
- 250 g Dinkelmehl (Type 630)
- 1 Messerspitze Muskatnuss
- 1 Schalotte
- 350 g Champignons
- 1 EL natives Rapskernöl
- 1/2 Bund Petersilie

MATERIAL

ein großer Topf, Geschirrtuch

1. Für den Kartoffelteil die Kartoffeln mit Schale etwa 20 Minuten kochen, bis sie gar sind. Abgießen, kurz abdampfen lassen und die Schale abziehen. Die Kartoffeln noch heiß durch eine Kartoffelpresse drücken und anschließend mit Salz, Grieß, Mehl und etwas Muskat zügig zu einem glatten Teig verkneten.
2. Für die Füllung die Schalotte fein hacken, die Champignons in kleine Würfel schneiden. Eine Pfanne erhitzen und die Schalotte in etwas Rapskernöl glasig anschwitzen. Die Champignons hinzugeben und etwa 5 Minuten braten, bis sie zusammengefallen sind. Die Petersilie abspülen, trocken schütteln, die Blätter abzupfen und fein hacken. Anschließend zu den Pilzen geben und die Füllung mit Salz abschmecken. Überschüssiges Wasser von den Pilzen abschütten. Dieses kann für einen Soßenansatz verwendet werden.
3. Den Kartoffelteil auf etwas Mehl zu einem Rechteck von 30 x 30 cm Größe ausrollen. Die Pilze auf dem Teig verteilen, dabei an der oberen Seite einen Rand lassen, um die Rolle besser verschließen zu

können. Den Kartoffelteil von unten nach oben vorsichtig aufrollen und mit der letzten Umdrehung auf ein gut angefeuchtetes Geschirrtuch rollen. Die Teigrolle fest ins Tuch einrollen und die Enden mit Küchengarn zusammenbinden.


4. In einem großen länglichen Topf oder Bräter reichlich Salzwasser aufkochen und die Kartoffelrolle, mit Wasser bedeckt, darin 45 Minuten köcheln lassen. Nicht nur zum Warmhalten ist es praktisch, die Kartoffelrolle ohne Tuch in einer gefetteten Form einige Minuten in den Backofen zu stellen. Unter dem Grill kann man die Rolle auch backen, bis sie eine goldgelbe Farbe bekommt.

Naturpark-Tipp

Wir servieren die Kartoffelrolle gerne mit ein paar gerösteten Walnüssen und etwas gehackter Petersilie. Hervorragend eignet sie sich auch als Beilage zu Fleisch.

Ein Rezept der drei Naturparke Luxemburgs (Öewersauer, Our & Mëllerdall).

Naturparke unterstützen die nachhaltige Entwicklung der Region und legen in kulinarischer Hinsicht viel Wert auf Regionalität, Saisonalität und den respektvollen Umgang mit Lebensmittel. Die Kartoffelrolle dient als Inspiration für ein vegetarisches Weihnachtsessen.





Clean Up Day Mëllerdall & Leader Projekt Propper Region

Le samedi 18 septembre avait eu lieu le deuxième Clean Up Day Mëllerdall, organisé par l'Office Régional du Tourisme de la Région Mullerthal - Petite Suisse Luxembourgeoise.

L'action a eu lieu en même temps que l'International Clean Up Day et a été officiellement lancée avec un point presse à Echternach.

Le Président de l'ORT, Christophe Origer, avait le plaisir d'accueillir sur place la Ministre Carole Dieschbourg ainsi que la Députée Carole Hartmann, des membres du conseil communal, des responsables de LEADER Mëllerdall et du Natur- & Geopark Mëllerdall.

Le nouveau projet LEADER Propper Region a également été lancé à l'occasion. Ce projet implique la participation de nombreux acteurs de la région.

La gestionnaire de l'ORT, Linda Salentin expliqua que le fait que de nombreux Syndicats d'Initiative de Tourisme se sont vus confrontés à un surplus de déchets avait mené à la création du projet. Un groupe de travail a été mis sur pied avec les communes et les offices de tourisme locaux, le Natur- & Geopark, Mëllerdall, les gardes-forestiers, Ponts & Chaussées, la COPIL et l'administration de la nature. Des campagnes anti-littering suivront.

Un objectif à long terme dans la région est une politique Zero Waste, un concept que la ministre de l'Environnement Carole Dieschbourg soutient fortement aussi.

180 pays participent à l'International Clean Up Day et l'initiative dans la Région Mullerthal est très louable, a affirmé Carole Dieschbourg. La coopération de nombreux acteurs est importante, car le problème ne peut être abordé qu'ensemble et avec la bonne dose de dynamisme. Le Zero Waste est aussi l'objectif poursuivi par le parlement luxembourgeois. Il s'agit de combattre le problème à sa source, de communiquer d'avantage avec les gens et d'éviter les micro-plastiques. Tout doit également être mis en œuvre pour continuer à garantir la qualité de l'eau potable.

De nombreuses personnes ont participé à l'action et se sont munis de sacs poubelle et de gants pour débalayer pas moins de 200 km de sentiers de randonnée.

Le fait que seulement peu de déchets ont été enlevés le long des sentiers de randonnée et la plus grosse partie le long des routes, avait déjà été observé l'année dernière. Des poubelles avaient été installées auprès de nombreux offices de tourisme afin que les randonneurs/collectionneurs puissent y déposer leurs sacs après la randonnée. Un aspect très positif : aucune des poubelles n'était trop remplie.





Clean Up Day Mëllerdall & Leader Projekt Propper Region

Am vergangenen Samstag, den 18. September, fand zum zweiten Mal der Clean Up Day Mëllerdall statt, organisiert vom Tourismusverband der Region Müllerthal – Kleine Luxemburger Schweiz und zeitgleich mit dem International Clean Up Day.

Der Clean Up Day wurde vormittags offiziell eingeleitet mit einem Treffen für die Presse am Aussichtspunkt Trooskneppchen in Echternach, eine Veranstaltung die mit Covid-Check stattfand.

Der ORT Präsident, Christophe Origer, zeigte sich erfreut, die Ministerin Carole Dieschbourg zu begrüßen sowie auch die Ost-Deputierte Carole Hartmann. Auch Gemeinderatsmitglieder, die Verantwortlichen von LEADER Mëllerdall und vom Natur- & Geopark Mëllerdall hatten der Einladung Folge geleistet.

Der Präsident gab auch den Startschuss zum neuen LEADER-Projekt Propper Region. Erfolgsversprechend sei, dass man das Projekt, das von der ORT-Geschäftsführerin, Linda Salentin, kurz vorgestellt wurde, mit vielen Akteuren aus der Region gemeinsam machen würde.

Zum Projekt Propper Region hatten Initiativen in der Region vonseiten der Syndicats d'Initiative de Tourisme geführt, die sich mit dem Problem von immer mehr Müll konfrontiert sahen. Es wurde eine Arbeitsgruppe ins Leben gerufen mit den Gemeinden und Tourist Infos, dem Natur - & Geopark Mëllerdall, den Förstern, Ponts & Chaussées, der Copil und der Naturverwaltung. Anti-Littering Kampagnen werden demnächst folgen.

Ein langfristiges Ziel in der Region ist eine ZERO WASTE Politik, ein Konzept, das auch von Umweltministerin Carole Dieschbourg vehement unterstützt wird.

180 Länder machen mit beim International Clean Up Day und die Initiative in der Region Müllerthal sei sehr lobenswert, so Carole Dieschbourg. Die Kooperation vieler Akteure in der Region sei sehr wichtig, denn nur gemeinsam und mit der richtigen Dynamik sei das Problem zu bekämpfen. Zero-Waste sei auch das Ziel, das vom luxemburgischen Parlament verfolgt wird. Es gehe darum, das Problem am Ursprung zu bekämpfen, immer wieder mit den Menschen zu kommunizieren und Mikro-Plastik zu vermeiden. Auch seien alle Anstrengungen zu unternehmen, um die Qualität des Trinkwassers weiterhin zu gewährleisten.

Viele Personen machten sich am Samstag auf den Weg, mit einer Mülltüte und Handschuhen und so konnten mehr als 200 km Wanderwege vom Dreck befreit werden.

Die Tatsache, dass man entlang der Wanderwege selbst nicht viel Müll fand, sondern eher entlang der Straßen, hatte man bereits letztes Jahr beobachtet. Vor vielen Tourist Infos waren Mülleimer aufgestellt worden, so dass die fleißigen Sammler nach der Wanderung direkt ihre Tüte dort entsorgen konnten. Erfreulich zu sehen, dass keiner der Mülleimer übertoll war.





SDK RESSOURCEN
INNOVATION
NOHALTEGKEET
CIRCULAR ECONOMY
SuperDrecksKëscht®




Klimaschutz und Kühl-/Gefriergeräte

Richtig handeln bei Kauf und Entsorgung

Protection du climat et réfrigérateurs / congélateurs

Agir responsablement à l'achat et à l'élimination



Ein gutes Gerät soll zuverlässig und sparsam sein und eine lange Lebensdauer haben. Bei vielen Geräten sind die Betriebskosten in ihrer Lebensdauer deutlich höher als ihr Kaufpreis. Besonders sparsame Geräte sparen deshalb im Laufe der Jahre wesentlich mehr an Stromkosten ein, als sie bei der Anschaffung teurer sind.


Achten Sie daher auf das Label mit der Energieeffizienzklasse. Wertvolle Informationen finden Sie auch bei www.oekotopten.lu. Bei der Entsorgung sollte strikt darauf geachtet werden, dass diese über die von **Ecotrel** autorisierten Kanäle erfolgen (siehe www.e-collect.lu).

Un bon appareil doit être fiable, économique et avoir une longue durée de vie. Pour de nombreux appareils, les coûts d'exploitation tout au long de leur vie sont significativement plus élevés que leur prix d'achat. En conséquence, les appareils particulièrement économiques permettent d'épargner davantage sur les coûts d'électricité au fil des années que sur leur coût d'achat.

Faites donc attention à l'étiquette avec la classe d'efficacité énergétique. Vous trouvez [oekotopten.lu](http://www.oekotopten.lu) également des informations précieuses sur www.oekotopten.lu. L'élimination doit être strictement basée sur les canaux autorisés par **Ecotrel** (voir www.e-collect.lu).


Ressourcenpotential Kühlgeräte

Potentiel de ressources Réfrigérateurs



● Rohstoff / matière primaire
● Energie / énergie
● Verluste / pertes

Wichtigste Outputströme Les flux plus importants



Eisen-, Kupfer und Aluminiummetalle, Polystyrol, Ölbindemittel ÖkoPUR
Fer, cuivre, aluminium, polystyrène, liant d'huile, ÖkoPUR



Ersatzbrennstoffe
Carburants de remplacement



FCKW
CFC

Produktempfänger / Destinataire:
SEG-Umweltservice GmbH,
D-Mettlach/Saar
www.seg-online.de

Vermeidung Prévention

Achten Sie beim Kauf von Geräten auf die Energieeffizienz (den Stromverbrauch)! Ein höherer Anschaffungspreis kann sich oft nach wenigen Jahren amortisieren.

Nachhaltigkeit! Prüfen Sie neben der Energieeffizienz auch Aspekte wie Reparaturfreundlichkeit, Lebensdauer und soziales Engagement des Herstellers.

Aufstellort und Art des Gerätes! Die Umgebungstemperatur spielt eine grosse Rolle beim Energieverbrauch. Wählen Sie die Art des Gerätes (Kühl-Gefrierkombination oder Einzelgerät) je nach Bedarf.

Behandlung von Altgeräten! Achten Sie bei Handhabung und Transport insbesondere darauf, dass die Kühlschlangen nicht beschädigt werden.

Lors de l'achat d'appareils, veillez à l'efficacité énergétique, c'est-à-dire à la consommation d'énergie! Un prix d'achat plus élevé aujourd'hui peut s'avérer plus rentable sur le long terme.

Développement durable! En plus de l'efficacité énergétique, vérifiez également les aspects tels que la facilité de réparation, la durée de vie et l'engagement social du fabricant.

Emplacement et type d'appareil! La température ambiante joue un rôle majeur dans la consommation d'énergie. Choisissez le type d'appareil (réfrigérateur-congélateur ou appareil unique) selon le besoin.

Manipulation des appareils usagés! Lors de la manipulation et du transport, veillez à ce que les serpentins de refroidissement ne soient pas endommagés.

Entsorgung und Verwertung Elimination et recyclage

- Entsorgen Sie Kühlgeräte über die von **Ecotrel** autorisierten Kanäle: lokaler Recyclinghof - Gemeindedienste - mit **Ecotrel** konventionierte Entsorger.

- Die von **Ecotrel** beauftragte SuperDrecksKëscht® kümmert sich darum, dass die Geräte nach der Circular Economy-Philosophie nach höchstem Stand der Technik verwertet werden.

- Débarassez-vous des appareils de réfrigération via les canaux autorisés par **Ecotrel**: centre de recyclage local - services communaux - collecteurs conventionnés par **Ecotrel**.

- La SuperDrecksKëscht®, le sous-traitant d'**Ecotrel**, garantit que les appareils sont recyclés selon la philosophie « Circular Economy » en se basant sur les normes les plus élevées de la technologie.



ecotrel
association sans but lucratif
www.e-collect.lu



PERMAKULTUR
UM
LUUSHAFF

VIZFEST UM LUUSHAFF

9. OKTOBER 2021



Bei agreablem Wiéder an enger härerzlecher Ambiance gouf zesummen Viz gemaach. Doniéft gouf et och nach eng gutt Kürbiszopp mat Geméiss aus dem Gemeinschaftsgart. Als Dessert stoung ee gebrodenen Apel vum Lagerfeier um Programm.

Dës Aktivitéit huet am Kader vun der Aktioun „Mount vum Bongert“ vum Natur-a Geopark Mëllerdall, an Zesummenaarbecht mam Luusshaff, stattfont.

SENIORESÉCHERHEETS- BERODER

POLICE
LËTZEBUERG 



Dir sidd drun interesséiert anere Senioren ze weisen,
wéi ee sech sécher am Alldag verhält?

Ma da gitt och Dir

SenioreSécherheetsBeroder!

Mir sinn eng Équipe Bénévoler, déi Konferenzen zum Thema Sécherheet
hale ginn, ganz ënnert dem Motto:

„Seniore fir Senioren, aktiv fir méi Sécherheet!“

Dir kritt eng Formatioun vun der Police zu verschiddenen Themen am
Beräich Sécherheet an duerno dierft Dir Konferenzen bei Senioren hale
goen.

Sidd Dir interesséiert? Da mellt lech bei eis:

prevention@police.etat.lu

Telefon: +352 244 24 4033



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région



Amiperas Noumer

E schéine Geste vun der Amiperas- Sektoun Noumer

Sou wi de mëschte Veräiner am Land, ass di Noumer Amiperas- Sektoun an der läschter Zäit och nit vun der Pademie verschount bliwen. Trotzdem hun si viru kurzem drop gehaalen, fir am Kader vun hirer 27. Generalversammlung enger feierlicher Mass, zelebriert vum Abbé Robert Kutzwela beizewinnen, déi och vum Gesangveräin verschéinert gouf. Duerno huet Maria Souvigné, no enger Minut vun der Stëll, all Memberen am Clublokal zu Cruchten, haerzlech Wëllkomm geheescht an och jidderengem villmols Merci gesoot fir hirt kommen no enger schwieriger Zäit. An hirem Rëckblëck huet d'Sekretärin Edmée Hoffmann fir d'éischt un d'Joer 2019 erënnert, wou niewt enger Telefonsaktioun, wou gefrot gin ass, wéi et de Memberen am Allgemengen géif goen, engem Grillfest, enger schéiner Rees mat der Marie- Astrid an engem gemeinsamen Mëttegiessen och un d'Jubilaren geduecht gin, déi engt Arrangement heem geschéckt kruten.



Dat waren fir 75 Joer: Mady Nau an Nico Duhr. Lydie Freymann, Alice Reckinger, Marie-Louise Riwer an Armand Lucas (85) souwi den Camille Reckinger fir 90 Joer. Fir Chrëschttag huet all Member e Kado mat der Gemeng zesummen, Heem bruecht kritt. Et huet och keng Porte Ouverte stattfond, awer de Comité huet sech awer sechs Mol getraff. Fir dest Joer ass den Datum vum 11. Dezember 2021 scho fest am Kalenner, wou dat 30. Veräinsjubiläum och zesumme gefeiert gëtt.

Mat der Hoffnung op besser Zäiten war et em Keessier Lucien Schaus, den di zwéi Keese-

berichter am Einzelen ervierbroucht huet, déi och vun de Keeserevisoren als einwandfrei bestätigt gi sin. No de Wieder vu Merci vum Buergermeeschter Franco Campano, den der Amiperas- Sektoun no zwee Joer Rouh mat alle Memberen mat neiem Elan fir Zukunft Alles Guddes gewënscht huet an op enger weider gut Zesummenarbeit higewissen huet, konnt den Patrick Simon e Scheck vun 1 000 Euro verbonnen mat engem grouse Merci an Empfang huelen. Mat deser Spend, déi der Fondatioun Autisme Lëtzebuerg zugut kënn, gëtt Material kaaft, fir mat hiren Patienten, Wonschkaarten ze bastelen an domadder enger nützlicher Aktivitéit nozegoen.



Bei de Jubilaren sin folgend Memberen mat engem Kado, verbonnen mat denen bäschte Gléckwënsch geéiert gin: Maria Muller (80 Joer), Erny Hansen (85) an Triny Hoffmann (90). Fir säin 75. Gebuertsdag ass den Carlo Marx och gratuléiert gin.

De Virstand besteht aus: Edmée Hoffmann (Sekretärin); Lucien Schaus (Keessier); weider Memberen sin: Germaine Biren, Triny Fantini, Maria Souvigné, Marianne Olsem a Lucien Hess. Als Keeserevisoren bléiwen weiderhin: Jos Aubart a Fränz Hoffmann. (CR) (FOTO: Charles Reiser)

Museksfrënn Gemeng Noumer

Kiermessen an Hämmelsmärsch: e Stéck Kultur

Als Museksfrënn Gemeng Noumer si mir frou, dass déi Traditioun vun de Kiermessen an eiser Gemeng nach um Liewen gehale gëtt. Et ass schonn eng al Traditioun fir um Dag vun den Schutzpatréiner vun eise Kierchen an den eenzelen Dierfer mat de Musikanten duerch d'Dierfer ze goen an d'Leit opmierksam ze maachen, dass Kiermes am Duerf ass. Et ware schon mol Joren, wou mir mat richtegen Hämmelen duerch Duerf gaange si fir d'Musikanten ze begleeden. Wou well Traditioun vun den Hämmelen hier kennt, misste mir den Alain Atten froen. Mir wollten dat de Schof net méi undoen fir mat eis duerch d'Dierfer ze goen déi jo och ëmmer méi grouss gi.



Kiermes zu Kruuchten

Eng Kiermes déi jo ëmmer an d'Summervakanz fält an déi och ëmmer déi verschidden Häff mat abegräift, wéi den Schleederhaff, den Zahneschhaff, de Klengbuerghaff, de Seilerhaff an awer och d'Heemechsbach. Do fir si mir de Samschden an de Sonnden am Asatz.





Kiermes zu Glabech

Dat zweete Joer, dass keng Kiermesmass an der Kapell zu Glabech gehale gi ass. Do fir hu mir och eise Programm zäitlech missten upassen. Hei d'Equipe vu Glabech.



Kiermes zu Noumer

Well d'Kiermes vun Noumer mat dem Commemoratiounsdag zesummegefall ass, hate mir eis schonn um 8.30 Auer Rendezvous gin fir mam Hämmelsmarsch unzufänken. Natierlech ass dat fir e Sonnden schon fréi gewiescht, awer mir mengen d'Leit hätten dofir awer Versteedemech gehat. No dem Hämmelsmarsch si mir nach bei den Dësch-Tennis Noumer an de Keller vun der Schoul Ham, Fritten an Zalot iesse gaang.



Hämmelsmarsch Schrondweiler

Dat schéinste Wieder hate mir den 24.Oktober zu Schrondweiler gehat. Et huet zwar eng Zäit gedauert bis d'Sonn sech duerch den Niwwel duerchgedréckt huet an ët eis e bëssche méi waarm gin ass fir Musek ze maachen.



Bei esou déiwen Temperaturen gin d'Lepsen an d'Fanger nawell strapazéiert. Den Ofschluss zu Schrondweiler hate mir bei der Petanque's-Platz gemaach.

Commemoratiounsdag

Wéi all Joer hat d'Gemeng Noumer d'Matbierger an d'Veräiner invitéiert um Commemoratiounsdag deelzuehelen. Dëst Joer haat een sech réischt um 11 Auer, also kuerz viru Mëtteg, Rendezvous gin.



Nom Nidderleeë vun enger Gerbe, dem Spille vun der Sonnerie aux Morts (Christian Napoli a Benoît Arendt), konnt de neien Buergermeeschter Franco Campana seng Usproch un d'Leit riichten. De Video vun der Ried ass och schonn op d'Facebook Grupp "Gemeng Noumer" gesat ginn.

D'Heemecht ass als Ofschloss vun der Feier vun de Museksfrënn Gemeng Noumer gespillt ginn. Ze bedauere ass awer, dass ëmmer manner Leit un dëser Gedenkfeier deelhueelen.



Text a Fotoen:
Alphonse Classen



Sehr geehrte Damen und Herren,

Mit diesem Schreiben möchten wir Ihnen **SOS Détresse – mir hëllefen iwwer Telefon an online** vorstellen, eine Dienststelle die persönliche Hilfe und Beratung über Telefon und Online anbietet.

Seit mehr als 40 Jahren bietet SOS Détresse Unterstützung für diejenigen an, die in Not sind. Wir hören zu, unabhängig davon ob es sich um persönliche Krisen, schwierige Lebensphasen handelt oder das Bedürfnis der Aussprache oder persönlichen Klärung besteht. Die Hilfestellungen werden **vertraulich und anonym** behandelt. Ein Team von ehrenamtlichen Mitarbeitern steht zur Verfügung, um die Menschen mit Hilfe von Gesprächen am Telefon oder schriftlich über unsere Internetseite zu beraten und zu unterstützen. Mit Hilfe einer ausführlichen Ausbildung werden die freiwilligen Helfer auf diese Herausforderungen vorbereitet. Jedes Jahr wird eine neue Ausbildung für interessierte Bewerber angeboten.

Die nächste Ausbildung fängt am 6. Januar 2022 an. Aus aktuellen Anlässen besteht mehr denn je der Bedarf, unser Team zu verstärken. Die sanitäre Krise, bedingt durch Covid-19 hat die Nöte der Menschen, aber auch die Bedürfnisse nach emotionaler Unterstützung und zwischenmenschlichen Kontakten verstärkt. So ist es uns ein Anliegen, eine hohe Anzahl von Menschen mit Hilfe dieses Schreibens und den dazuliegenden Informationsblättern anzusprechen. Wir wären Ihnen unendlich dankbar, wenn Sie diese an den dafür bei Ihnen vorgesehenen Orten aushängen oder verteilen könnten.

Für weiterführende Informationen oder bei Bedarf von zusätzlichem Informationsmaterial, laden wir Sie herzlich dazu ein, sich telefonisch über die Nummer **44 38 81** oder über Email benevolat@sosdetresse.lu bei uns zu melden.

Wir danken Ihnen herzlich für Ihr Verständnis und Ihre Unterstützung.

Sébastien Hay
Direktionsbeauftragter



SOS Détresse

Mir hëllefem iwwer Telefon an online
anonym a vertraulich

BIETET EINE NEUE AUSBILDUNG FÜR EHRENAMTLICHE MITARBEITER AN

Sind Sie gerne in Kontakt mit anderen Menschen? Interessieren Sie sich für zwischenmenschliche Beziehungen und für Psychologie? Können Sie gut zuhören? Kennen Sie sich selbst gut und wissen Sie wo Ihre Grenzen sind? Können Sie Krisensituationen meistern? Und möchten Sie eine ehrenamtliche Tätigkeit ausüben?

Dann schließen Sie sich unserer Gruppe von ehrenamtlichen Zuhörern von „SOS Détresse - Mir hëllefem iwwer Telefon an online“ an!

„SOS Détresse“ wurde in den 70er Jahren gegründet, um Menschen, die in Not oder einer akuten Krise stecken, über Telefongespräche zu helfen. Die Gespräche sind anonym und vertraulich.

Die Basis-Ausbildung dauert anderthalb Jahr und ist auf Luxemburgisch. Während der Ausbildung lernen Sie Techniken des Zuhörens kennen. Sie eignen sich allgemeine Kenntnisse über Psychologie und zwischenmenschliche Beziehungen an, Sie lernen sich selbst besser kennen, steigern Ihr Selbstwertgefühl und haben die Gelegenheit sich mit anderen ehrenamtlichen Mitarbeitern und Fachleuten aus dem sozialen Bereich auszutauschen.

**Die nächste Ausbildung beginnt am 6. Januar 2022.
Informationsgespräche finden ab sofort statt.**

Kontaktieren Sie uns über Post oder E-Mail!

Adresse: SOS Détresse – B.P. 620 – L-2016 Luxemburg

E-Mail: benevolat@sosdetresse.lu

www.454545.lu

D’Nordstadjugend stellt sech vir...

Schonn zënter 30 Joer gëtt an deenen 2 Gemengen Dikrich an Ettelbréck Jugendarbecht geleescht, aus där dann och di 2 Jugendhaiser zu Ettelbréck an Dikrich entstanen sinn. 2007 gëtt dunn d’Jugendarbecht op regionalem Plang ausgebreet an d’Nordstadjugend a.s.b.l. gëtt gegrënnt. Zil ass et, eng qualitativ héichwärtig Jugendarbecht op regionalem Terrain ze garantéieren. Zanterhier gëtt et net nëmmen ee Wuesstem wat d’Membersgemengen ugeet, mee och wat d’Aufgabeberäicher an d’Offere betrëfft. Mëttlerweil ziele mir 10 Nordstadjugendgemengen (Beefort, Bettenduerf, Buserschent, Colmer-Bierg, Dikrich, Ettelbréck, Feelen, Ierpeldeng, Mäerzeg a Schieren) an ab dem 1. Januar 2022 freeë mir eis, Noumer als di 11. Partnergemeng begrëissen ze dierfen.

D’Nordstadjugend bitt aktuell folgend Déngschtleeschtungsberäicher un, déi sech prioritär u Jonker tëscht 12 a 26 Joer richten:

KOORDINATION

JUGENDHAISER
DIKRICH & ETTELBRECK

REGIONALE
JUGENDSERVICE

JUGENDWUNNEN



Fir d’Betreiung vun de Jugendlechen ass haaptamtlech, pedagogesch Personal verantwortlech. Nieft de Raimlechkeeten, der alldieglecher Betreierung an der Ulafstell di deene Jonken mat eisen 2 Jugendhaiser zur Verfügung stinn (Kicker, Billard, Playstation, Kachen a Baken, Berodung, etc) ginn an der Region iwwert d’Joer verschidde Projet’en, Aktivitéiten a Workshops zu deenen ënnerschiddlechsten Themen ugebueden (Kultur, Sport, Präventioun, Informatioun, Participatioun,...).

Eent vun eisen Haaptziler ass et, déi Jonk am Alter vun 12 bis 26 Joer, op hirem Wee zum Erwuesse ginn ze begleeden an an hirem

Wuelbefannen ze stäerken. Dëst geschitt duerch ganz verschidden kleng a grouss Aktivitéiten a Projeten um lokalen a regionalen bis hin zum nationalen an europäeschen Niveau. D’Jugendarbecht um lokalen Niveau, déi sougenannten opsichent Jugendarbecht wäerte mir 2022 stäerken mam Zil, déi Jonk aus eise Gemengen, déi keng vun eise Strukturen opsichen, ze areechen. D’Missioun vun dëser Aarbecht ass et d’Besoin’en an d’Wënsch vun eise Membersgemengen an deenen Jonken ze identifizéieren an zesammen Aktivitéiten a Projeten am béidsäitegem Interessi ze realiséieren.

Hei ass zum Beispill ee klengen Abléck an eis Summeraktivitéiten 2021:

Zil dovunner war, deene Jonken e flotten an erliewnisreiche Programm mat vill Bewegung, Spaass an Action unzebidden. Während 4 Woche stoung Konscht, Kultur, Sport a Spill um Programm: fir Kajak a StandUpPaddle, Floossbau, „Natur a Sport erliewen“ a Grill&Chill ware mir op de Stau. Och Wakeboard a Waasserschi hu fir vill Furri an Erfrëschung gesuert. Et gouf e MountainbikeCamp vun 3 Deeg, wou et souwuel iwver flott Pisten duerch d'Eislecker Landschaften a Bëscher gong, awer och de Know-how an d'Technik vum Vëlo gouf deene Jonken erkläert. Adrenalin an Thrill gouf et während 2 Deeg am Europapark, mee och am Héichseelgaart an op der Kartingspist goufen et sou munch spannend a flott Momenter. Di Jonk konnten hirer Kreativitéit dann och fräie Laf loossen a sech beim Graffiti & SprayArtPainting kënschtlersch austoben. Dës Aktivitéiten hëllefden de Jonken zu autonomen a selbstbewossten Erwuessenen ze ginn.

Do dernieft hu mir Visite gemaach op d'Veiner Schlass an an d'Grottes de Han, mir hu Frisbee-Golf an Darts gespilt an 2 flott Hiken duerch de Mëllerdall an d'Nordstad hunn di Jonk an och d'Educatoren alt mol un d'Schweesse bruecht.

D'Wieder huet leider net ëmmer matgespilt, mee trotzdem war jidderee begeeschtert an de Feedback war vun alle Säiten immens positiv.



KOORDINATIOUN

Harpa TORDARDOTTIR
Diane FLAMMANG
Claude NUSSBAUM

REGIONALE JUGENDSERVICE

Jessica SCHAAL

JUGENDHAUS DIKRICH

Kina THILL

JUGENDHAUS ETTELBRECK

Nathalie LOBATO

JUGENDWUNNEN

Cathy LANNERS

All weider a wichteg Informatiounen a Kontakter fannt Dir op www.nordstadjugend.lu

Eltereveenegung



Eltereveenegung Noumer

Trauliicht schnëtzen, den 31ten Oktober 2021 um Luusshaff

Et ass eis wichteg, dëss flott Tradition weiderliewen ze loossen. Dëst Joer konnte mer erëm all zesummen vill gruseleg Rommele schnëtzen fir déi béis Geeschter ze verdreiwen.





Elterevereinigung Noumer

Eise Poppentheater
"Räuber Ratte" – huet den
13ten November 2021 zu
Kruuchten am Centre
Culturel stattfonnt an hat
Succès bei Grouss a Kleng.



**WANTED
RÄUBER RATTE**

Samschden den 13/11/21
um 15:00 an um 18:30

FIGURENTHEATER
NACH JULIA DONALDSON UND AXEL SCHEFFLER

**PUPPEN
THEATER
PULCINELLA**
puchinella.puppentheater.de

CENTRE CULTUREL CRUCHTEN
KANNER: 6€ / ERWUESSENER: 10€
ELTEREVEREENEGUNG NOUMER
UMELDUNG: shorturl.at/ghqPU



Crèche Butzenhaff



Garderie Butzenhaff

Am Hierscht fënnt een ganz vill flott Naturschätz dobaussen, dofir sinn mir op d'Iddi komm fir zesummen mat den Kanner an den Elteren eng „Naturgalerie“ virun eiser Garderie ze maachen. Jiddereen konnt beim Spadséieren goen flott Bengelen, schéin Steng, Dännenzapfen an aner flott Naturmaterialien sammelen an eis matbréngen. Mir waren frou dass d'Kanner an d'Elteren esou vill an flott Schätz ewéi z.B Kürbissen, Käschten an Mais matbruecht hunn. D'Kanner waren ganz frou a stolz fir hier Schätz an der Galerie auszustellen wou jiddereen se konnt bewonneren.



D'Ekipp aus der Garderie Butzenhaff

Hierscht an der Maison Relais Noumer



Mam Hierscht huet sech lues a lues daat kalt Wieder ugekënnegt. Dofir hu mir an der Maison Relais, vill verreeenten Nomëtteger, mat Téi, Paanescher a vill Gesprécher iwwert den Hierscht verbruecht. D'Kanner hunn mat Holzcbuben gebaut an Bicher gilies.



Fir datt d' Villercher, déi bei kalem Wieder am Land bleiwen, genuch fir ze iesse fannen, hunn d'Kanner Villercher's Fudder hiergestallt. Dat hunn sie dann an de Beem opgehaangen an e puer Stonne méi spéit war daat éischt Vullefudder scho gless.



Mat den Blieder an Käschten vun de Beem waren d`Kanner ganz kreativ an hunn vill gebastelt.



An schéinen Hierschtfaarwen hunn d`Kanner Luuchten fir doheem gebastelt. Lo kënnen sie ët sech bei deem kalen Wierder nach méi gemittlech maachen. Och d`Draachen dierften net feelen.



Kürbisse sinn och geschnëtzt an gemolt ginn. D'Kanner hunn dobäi vill gelaacht an sech gutt ameséiert.





Natierlech haaten mir och eng flott Halloween Party. Mir hunn eis verkleed, Facepainting
gemaach an och zur Musek gedantz.



Hierscht am Butzenhaff zu Noumer



Och am Butzenhaff ass den Hierscht zu Besuch. D`Kanner hunn ganz vill Zäit fir kreativ ze sinn, sie hunn Blieder vum Baam ugemoolt a mat Glitzer dekoréiert.



Een Apel hunn d`Kanner net just gären fir z`iessen, mee sie stempelen och domadder.

Schoul

Cycle 1 précoce Noumer

Bäi dëser Rentrée vum Schouljoer 21/22 huet sech am Précoce alles rondrem de „Fësch“ gedréint. Passend zum Thema hu mir Lidder geléiert, Geschichten erzielt, eis Sachwëssen ugeeeigent a natierlech hu mir och vill Spiller, motoresch Aktivitéiten a Konschtaktivitéiten gemaach.


Eist Maskottchen vun dësem Joer ass dofir ee „Petzi-Fësch“, deen eis zumools am Ufank vum Schouljoer bäi allen Aktivitéiten begleet huet an nach weider begleele wäert. All Kand kritt eemol wärend dësem Joer eng Valise mam „Petzi-Fësch“ a weideren „Fësch-Aktivitéiten“ fir eng Woch matheem a kann zesummen mat der Famill ee „Stéck Schoul“ erliewen.



En Héichpunkt vun eisem Projet war allerdings lo den Ausflug an een Déirebuttik, wou mir 3 Fësch kaafe waren, fir am Klassesall an engem Aquarium ze halen an ze versuergen.



Hei e puer Impressiounen vun eisem flotte Moien:



Mir sichen am Schoulhaff no geometresche Formen





De Cycle 1
geet an de Bësch



Déblayage de la neige / Schneendienst

Bei Schneefall können Sie auf unseren «Service aux citoyens» zählen. Wir bieten Ihnen einen Schneendienst an, um ihre Bürgersteige sowie ihre Außenanlagen zu säubern.

Dieser Dienst wird Ihnen werktags angeboten:

Von montags - freitags
von 08.00 - 16.30 Uhr
außer an Feiertagen

Wir versuchen, jede Anfrage schnellstmöglichst zu erfüllen.

En cas d'enneigement vous pouvez compter sur notre «Service aux citoyens» pour le déblayage de vos trottoirs ainsi qu'autour de votre maison.

Ce service est offert tous les jours ouvrables:

Du lundi au vendredi de
08.00 à 16.30 heures
sauf les jours fériés

Nous essayons de traiter vos demandes le plus vite possible.

Tarifs / Tarife TTC:

Prix par équipe:
26,00 € par demi-heure
0,52 €/km
sel inclus

Pour plus de renseignements, n'hésitez pas à contacter notre «Service aux citoyens»
T: 80 48 85 - 1 / www.fpe.lu



Service aux citoyens

Forum
pour l'emploi.



BICHERBUS

Vun 14:10 bis 15:00
zu Kruuchten op der Gare

20. Januar
10. Februar
10. Mäerz
31. Mäerz



<https://bnl.public.lu/fr/recherche/collections/bicherbus.html>

